LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

REÇU
Par Alff Christian , 09:13, 16/03/2021

Luxembourg, le 15 mars 2021

**Référence :** 837x35620

**Objet :** Question parlementaire n°3674 du 18 février 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet du calcul des pensions

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°3674 du 18 février 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet du calcul des pensions.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de la Sécurité sociale

Romain SCHNEIDER

**Annexe(s) :** Réponse à la question parlementaire n°3674

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
mss@mss.etat.lu
mss.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3674 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwert d'Rechnung vun de Pensiounen**

*1. Kann d'CNAP esou individualiséiert Pensiounsprevisiounen op Wonsch (wéinstens estimativ) ausrechnen a certifiéieren? Wann nee, ass doru geduecht, fir dat anzeféieren, oder wou leie konkret d'Problemer?*

Obschonn et keng legal Obligatioun ass, bitt d'CNAP hiren Assuréen op Ufro de Service vun enger individueller Pensiounsestimatioun ab dem 55. Liewensjoer un. Ab deem Alter léie béi deene meeschten Assuréë genuch Informatioune vir fir eenegermoosse fiabel Estimatiounen ze erstellen.

Béi dësen individuellen Estimatioune ginn all déi zu deem Moment verfügbar Donnéeën iwwert déi lëtzebuergesch an eventuell och déi auslännesch Karriär consideréiert. Am Joer 2019 hate 56,9 % vun de Beneficiairë vun enger Pensioun souwuel eng lëtzebuergesch wéi och eng auslännesch Versécherungskarriär.

Den Assuré kritt matgedeelt wéini hie séin Stage fir eng fréizäiteg Alterspensioun respektiv eng Alterspensioun erfëllt huet an domat Urecht op eng Leeschtung huet. Ausserdeem kritt den Assuré de previsibele Montant vun der Pensioun matgedeelt. Bei onvollstännegen Donnéeën ass d'Fiabilitéit vun dësen Estimatiounen net garantéiert.

D'CNAP schafft am Moment drun fir all Assuré zukünfteg via d'Internetplattform myGuichet.lu eng Méiglechkeet ze gi fir selwer eng Simulatioun vu senger Pensioun zesummenzestellen, dëst op Basis souwuel vun den Donnéeën déi der Pensiounskeess bekannt sinn, wéi och op Basis vun den Donnéeën déi den Assuré zousätzlech agëtt.

*2. Wéi eng Estimatioune ginn elo scho vun der CNAP ausgerechent an de Leit matgedeelt, z.B. um järleche Relevé vun de Pensiounsbäiträg?*

Mam järlechen Extrait vun der Pensiounskarriär kréien d'Assuréen eng Estimatioun geschéckt wann se um 1. Januar vum Joer vum Envoi vum Extrait 55 Joer erreecht hunn, wann se op mannst 10 Joer Versécherungszäiten zu Lëtzebuerg hunn, wann se an deene leschte 24 Méint virum Joer vum Envoi op mannst 12 Méint veréchert waren a wann, bei Independanten a bei fräiwëlleg Pensiounsversécherten, d'Kotisatioune bezuelt sinn.

Dëst ass eng reng automatesch Berechnung déi sech nëmmen op déi lëtzebuergesch Karriär bezitt an eventuell déi individuell spezifesch Situatioun, déi der CNAP nach onbekannt ass, net berécksiichtegt.

*3. Ass dru geduecht, fir de Persounen, déi dat wënschen, an Zukunft perséinlech Berodungsgespréicher unzebidden, bei deenen och méiglech Versuergungslücken am Pensiounsalter an dono evaluéiert a beschwat ginn?*

Um Internetsite vun der CNAP fënnt den Assuré Erklärungen iwwert déi verschidde Méiglechkeete fir seng Karriär ze vervollstännegen.

D'CNAP bitt dann och all Assuré deen un engem Nokaf vun Versécherungszaiten oder enger Restitutioun vun fréier schon rembourséierten Kotisatiounen interesséiert ass, d'Méiglechkeet vun enger perséinlecher Berodung.